N°1344
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.10.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung, d'Madamm Justizministesch an den Här Inneminister weiderzeleeden.

D'Cyberkriminalitéit ass an de leschte Jore staark geklommen, besonnesch duerch déi staark Hausse vun ënnerschiddleche Bedruchsmaschen, wéi zum Beispill dem Phishing a Spoofingattacken. An deem Kontext ass et wichteg, dass d'Autoritéiten déi néideg Ressourcen hu fir dëse Bedruchsfäll kënnen nozegoen, mee och dass detailléiert Statistike gesammelt kënne gi fir d'Entwécklung vun dëse Phänomener ze suivéieren an d'Preventioun méi effikass kennen unzegoen.

An deem Zesummenhang wéilte mir follgend Froe stellen:

1. Huet d'Regierung detailléiert Statistiken, opgedeelt no Joer, déi de finanzielle Schued chiffréieren, deen duerch Phishing an Spoofing verursaacht gouf, inklusiv der Zomm vun de Montanten, déi konnte recuperéiert ginn? Falls dës Statistiken net existéieren, firwat feelen dës, a gesäit d'Regierung vir, e System fir d'Sammele vun dëse Statistiken op Been ze setzen?
2. Wéi vill Plainte goufen zënter 2020 am Zesummenhang mat Phishing a Spoofing agereecht, wéi vill si klasséiert ginn a wéi vill hunn zu Poursuite a Verurteelunge gefouert? Wéi eng Sanktioune goufen an dëse Fäll ausgeschwat?
3. Wéi vill lafend Dossiere betreffend Phishing a Spoofing leien aktuell dem Parquet viir, a wéi vill Dossiere musse Mataarbechter am Duerchschnëtt behandelen? Aus wéi vill Leit besteet aktuell den zoustännegen Zerwiss? Huet de Parquet genuch Personal, fir sech ëm déi wuessend Unzuel un Dossieren ze këmmeren, respektiv ass do eng Verstäerkung vun den Ekippe geplangt?
4. Plangt d'Regierung, de gesetzleche Kader unzepassen, fir d'Kapazitéiten an d'Ressourcë vun der Police an Erméttlungsautoritéiten ze stäerken, sou datt d'Preventioun, d'Detektioun an d'effektiv Poursuite vun der Cyber-Kriminalitéit optimiséiert kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

Ben Polidori
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu